



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaat
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Abrëll 2020

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, wollte mir dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister stellen.

Aus Artikelen am "Luxemburger Wort" vum 2. Abrëll 2020 ("Selfmademan", Professor Markus Ollert zu Covid-19) an op RTL vum 1. Abrëll 2020 (Dr. Ulf Nehrbass, Invité vun der Redaktioun) geet eraus, datt eng Rei vun Tester a groussem Moosstaf sollen an der Lëtzebuerger Populatioun gemaach ginn.

RTL.lu mell, opgrond vum Interview mam Här Dr. Nehrbass, "*Eng klinessch Etüd mat enger representativer Grupp vu Lëtzebuerger – bis zu 1500 Leit – soll gemaach ginn. Déi Leit sollen iwwer déi nächst Méint getest ginn, fir erauszefannen, wéi sech de Virus an der Populatioun verbreet a wéi sech d'Immunitéit opbaut.*"

Den Här Professor Ollert mengt am Wort: "*Aber das Ziel muss es sein, dass die gesamte Luxemburger Bevölkerung im Verlauf der nächsten Monate durchgetestet wird und dass jeder eine Art Covid-19-Immunitätspass erhält, auf dem eingetragen wird, welche Tests mit welchem Resultat gemacht wurden, ob man Anti-Körper hat und ob es sich um die Präsenz der schützenden Anti-Körper handelt.*"

Den Här Professor Ollert mengt ausserdem, datt bannent véier Wochen déi néideg Prozedur fir Antikierper-Tester kéint opgebaut ginn.

An dem Zesammenhank wollte mir der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi eng Prozeduren an Tester sinn aktuell geplangt? Gëtt effektiv a véier Wochen mat Antikierper-Tester ugefaange? Geschitt dat ënnert der Autoritéit vun der Regierung oder huet eng aner Instanz, wéi z.B. den LIH (*Luxembourg Institute of Health*), déi verantwortlech Leedung?
2. Wéi a vu wiem ginn déi 1.500 Leit fir den éischten Test erausgesicht? Wéi eng Datebank gëtt dofir zur Verfügung gestallt fir e "representative" Grupp erauszesechen? Wat ass déi legal Grondlag a wéi eng Dateschutzreegelen ginn hei applizéiert?
3. Sinn nëmme Residenten an där Datebank oder sinn do och Persoune concernéiert déi am Ausland residéieren (Frontalieren)? Wa jo, missten dann net déi responsabel Gesondheits- an Dateschutzautoritéiten vun de Nopeschlänner em d'Erlabnis gefrot ginn?

4. Ass den Test obligatoresch oder fräiwëlleg? Wann en obligatoresch ass, wat ass dann déi rechtlech Grondlag? Oder ginn déi 1.500 Leit ëm hiren Accord gebieden a, wa si dee net wëlten ginn, duerch aner Leit ersat, déi fräiwëlleg wëlten den Test matmaachen?
5. Ass d'Anonymitéit bei deenen Tester garantéiert? Wee kritt d'Donnéeën vun deene Leit déi bei deenen Tester matmaachen a wéi gëtt mat deenen Donnéeën verfuer? Kënnen déi och un Drëtter weidergi ginn, wéi z.B. Fuerschungsinstituter inkl. an der pharmazeutescher Industrie?
6. Wat gëtt genee getest a wéi eng eventuell Konsequenze kënnen d'Testresultater fir déi betraffe Persoun hunn? Ass sécher gestallt, datt nëmmen op COVID-19 Antikierper getest gëtt?
7. Ass an enger nächster Phas dru geduecht déi "gesamte Luxemburger Bevölkerung" (Prof. Ollert) ze testen? Wa jo, wat wär déi rechtlech Grondlag dofir? Wäre den test dann obligatoresch?
8. Wéi eng rechtlech Implicatiounen kéint e "Covid 19 Immunitéitspass" hunn, z.B. am Hibleck op d'Aarbechtsrecht oder op d'Reesfräiheet? Ass dru geduecht esou en Dokument obligatoresch anzeféieren? Wa jo, wär dat dann nëmmen am Hibleck op Covid-19 oder och eventuell nach op aner Krankheeten?

Mat déiwem Respekt,



Roy Reding
Deputéierten



Jeff Engelen
Deputéierten